

den Lac de la Moselotte zu Saulxure an den Vogesen

Den 14. an 15, Mée 2011wor et erëm esouwäit, Saulxure an den Vogesen wor ungesot. Den Lac de la Moselotte ass niewend dem Lac de la Salamandre zu Latilly sécher déi flottsten Destinatioun déi mir all Joër unsteieren. Et woren éng 20 Memberen vum Fly Fishing Club Lëtzebuerg déi un dëser Sortie deelgehol haten. Ënnerbruecht woren mir an Chalets´en déi direkt um Séi geleën sin. Dës Chalets´en sin zwar relativ spartanesch angeriicht, mée erfëllen awer voll hiren Zweck an fir éng Nuecht konnten mir gären ob den gewinnten Luxus verzichten.

Ewei mir unkomm sin, Saulxure läit ongeféier 20 km vun la Bresse eweg an ass an dräi Stonnen vun Lëtzebuerg aus ze ereechen, wor nach dat schéinsten Wieder, mée bannent kiirzerster Zäit wor et awer domader eriwwer, et ass een Temperatursturz gin an mir woren frouh dass mir och d´Wantergezäi dobäi haten. Dësen Temperatursturz, kombinéiert mat Vollmount, huet dann och berwirkt dass et ganz schwéier wor Fësch ze fänken. Et woren dann och just déi richteg Spezialisten (den Mich an den Änder) oder eis Fëschräiber (den Jeek an den Robert) déi et awer fäerdeg bruecht hun wéinstens eis Éier ze retten. Et woren zwar masség Gobagen um Waasser mée d´Fësch woren esou selektiv dass esou munecher Een sech d´Zänn um auswielen vun der richteger Méck ausgebass huet.

Et sin awer ee puer schéin Fësch gefaangen gin an wann een et richteg hëlt dann haten mir et och gudd mam Wieder erwëscht ewell Owes ewei mir gegrillt hun sin mir vum Reen verschount bliwwen an och den zweeten Dag Mëttes ewei mir gegrillt hun sin mir drechen iwwer d´Ronnen komm. Déi meeschten Fësch sin mat drechenen Mécken oder Obsteiger aus cul de canard an den Farwen gro, brong an schwaarz gefaangen gin. Mat Streamer sin ganz wéineg Fësch gefaangen gin. Ee puer vun den Memberen haten och vun der Geleenheet profitéiert an hun hirt Belly – Boat mat gehol gehat, dësen Séi eegnet sech ganz gudd fir dës Methode fir mat der Méck ze fëschen ze praktizéieren. Och Booter kann een Viruert lounen an eisen Club hat och vun dëser Geleenheet gebrauch gemeet.





Mée wann mír éierlech sín dann sín all déi schéín Amenter beim Waasser awer nëmmen den Appero gewiescht fír dem Präsident séng formidabel Grillade. Den Jeek, den Robert an den Patrick haten sech heibäi erëm selwer iwwertraff, Kottletten, Grillinger, Mettwurschten,Merguez an gewürzten Spiesser an Dëst net ze knapp, Síe hun eís an deem Moos verwinnt dass mír hun míssen Iwwerstonnen maachen an erréicht ganz, ganz spéid an d´Bett komm sín an och Dëst erréicht nodeems den Präsident ee puer mol d´Nuetsstonn opgehuewen hat.



Mir freën eis schon op dat nächst Joër